N°602
Entrée le 12.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.04.2024

déi gréng

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Mobilitéitsministesch an un den Här Tourismusminister weiderzeleeden.

De 7. Abrëll 2024 huet d'ADFC Vëlosfoire „Rad+Freizeit 2024" am Rhein-Sieg-Forum zu Siegburg an Däitschland stattfonnt. Den ADFC Bonn/Rhein-Sieg ass ee vun de gréisste Kreesverbänn vum ADFC („Allgemeiner Deutscher Fahrrad-Club") mat iwwert 7.000 Memberen a setzt sech säit 1979 fir den Interessi vun de Vëlosfuerer*innen zu Bonn an um Rhein/Sieg-Kreis an. Dëst Joer war Lëtzebuerg, als villsäitegt Vëlos-, Wander- a Kulturgebitt, fir d'zweete kéier no 2003 offiziell Partnerregioun vun der gréisster Vëlostourismusfoire an Nordrhein-Westfalen. D'Foire selwer konnt 100 Aussteller aus 6 Länner, souwéi 4.000 Visiteuren am Kongresszentrum begréissen. Och Lëtzebuerg war als Partnerland mat engem grousse Stand präsent.

An de lëschte Joren huet sech Lëtzebuerg staark op de Vëlostourismus konzentréiert an huet seng flächendeckend Infrastruktur fir de Vëlo mat iwwert 600 Kilometer Vëlosnetz attraktiv ausgebaut. D'Editioun vun 2024, déi am Zeeche vum Haaptpartnerland Lëtzebuerg stoung, gouf offiziell vum Verkéiersminister vun NRW, zesumme mam Buergermeeschter vu Bonn-Siegburg, opgemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere follgend Froe stellen:

1. **Wien huet Lëtzebuerg op Regierungsniveau bei der offizieller Eröffnung vertrueden ?**
2. **Wéi gouf Lëtzebuerg als Land am Kontext vum „Nation branding" op der gréisster Vëlostourismusfoire an NRW präsentéiert ?**
3. **Wéi eng Moossname goufen a Relatioun mat der Zesummenaarbecht mam AFDC Bonn/Rhein-Sieg ergraff fir déi wirtschaftlech Potentialer vum Vëlostourismus zu Lëtzebuerg weider auszeschäffen ?**

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Meris SEHOVIC
Députéiert

N°602
Entrée le 13.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Madame la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, à la question parlementaire n°602 du 12 avril 2024 de Monsieur le Député Meris Sehovic au sujet de la foire « Rad + Freizeit »

Organisateur vun der Participatioun op touristesche Foiren a Salonen ass de GIE « Luxembourg for Tourism » (LfT), et ass also net systematesch e Vertrieder vum Wirtschaftsministère oder der Regierung op all Foire oder Salon derbäi. An dësem Fall war eng Beamtin, aus der Cellule „Aktivtourismus" am Wirtschaftsministère bei der Ouverture vun der Foire „Rad+Freizeit" mat derbäi.

D'Präsenz vu Lëtzebuerg op dëser regionaler Foire gouf zanter Jore vu ProVelo (fréier LVI) assuréiert, mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère. Fir d'Editioun 2024, a well Lëtzebuerg Gaaschtland war, war LfT eng éischte Kéier mat Personal an Elementer vum nationalen Tourismus Stand mat derbäi.

LfT, an och déi privat Partner déi mat op dëser Foire waren, wäerten déi bei dëser Geleeënheet geknëppt Kontakter an de kommende Méint verdéiwen. Doriwwer eraus huet LfT eng Marketing a Promotiounsstrategie fir den däitsche Marché, wou de Vëlostourismus e wichtege Bestanddeel ass.

Luxembourg, le 13/05/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles